Pressecommuniqué 12.4.2015

Firwat ënnerstëtzt d'UGDA d'Plattform *minte.lu* an d'Auslännerwahlrecht?

D'UGDA steet um Internetsite vu *minte.lu* als Ënnerstëtzer vun dëser Plattform fir d'Auslännerwahlrecht. Domat huet d'UGDA sech kloer politesch positionéiert en vue vum Referendum vum 7. Juni 2015.

Mir halen fest, dass
- d'UGDA den Daachverband ass vun de Museken, Choralen, Folklore- an Theater-Ensemblë vu Lëtzebuerg
- d'UGDA an hir Museksschoulen all Joer Suen vun Staat an Gemengen kréien fir eng gutt Saach, nämlech d'Musek ze förderen.
- d'UGDA allgemeng d'Museksschoulen, an d'Museken an hir Memberen representéiert.

Mir froen eis:
- op wat fir enger Basis de Comité vun der UGDA decidéiert huet fir *minte.lu* ze ënnerstëtzen.
- mat wat fir enger Legitimatioun de Comité vun der UGDA fir d'Auslännerwahlrecht ass, wann een bedenkt dass eng Majoritéit vun de Lëtzebuerger an wuel och ganz vill Memberen vun der UGDA géint d'Auslännerwahlrecht sinn.
- a wéi enger Héicht sech d'UGDA finanziell un der Campagne fir de Jo bedeelegt.

Mir fuerderen, dass:
- d'UGDA neutral bleift.

D'Initiativ *nee2015.lu*

Kontakt: Fred Keup, Mamer, 691 656 728
Mail: kontakt@nee2015.lu